

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, de 25. Februar 2021

Här President,

sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës dréngend parlamentaresch Fro (Art. 84 vum Chambersreglement) un d'Madamm Gesondheitsminister weiderzeleeden.

Et gi vill Lei hei am Land, déi eng ageschränkte bzw. guer keng Mobilitéit méi hunn. Esou Leit kréien am Moment, am Kader vun der zweeter Phas vun der Impfstrategie vun der Regierung, Bréiwer heemgeschéckt, fir sech impfen ze loossen. De Problem ass awer, datt vill vun deene Leit hiert Haus net kënne verloossen, fir an en Impfzenter ze goen. Op Nofro bei der Santé kréien déi Leit da gesot, et géif am Moment keng Direktiv fir Leit ginn, déi guer net méi aus dem Haus kënne goen, a si missten an deem Fall hiren Hausdokter kontaktéieren. Op Nofro beim Hausdokter kréie sou Leit dann awer gesot, datt keng Méiglechkeet besteet, datt si doheem vun hirem Hausdokter geimpft ginn, well de Vaccin um Lampertsbiereg an engem Frigo stockéiert ass an anscheinend nëmmen 30 Minutten däerf dobausse sinn. Dofir hätt och scho Vaccin misse wechgeheit ginn, well deen Zäitraum net hätt kënnen agehale ginn.

Dobäi weise Studien no, datt den AstraZeneca-Impfstoff am Prinzip bei 4 bis 6 Grad gelagert ka ginn, wat bedeit, datt den Dokter den Impfstoff an enger Killbox mathuele kéint. Wat den Impfstoff vu Biontech/Pfizer ubelaangt, weist eng Etüd drop hin, datt deen zwar bei minus 70 Grad gelagert an transportéiert muss ginn, mee datt e sech nom Optaue bis zu fënnef Deeg am Frigo hält an zwou Stonne bei Zëmmertemperatur. Ass den Impfstoff bis an der Sprëtz, kann een e sechs Stonnen am Frigo stockéieren oder och an enger Killbox transportéieren, zum Beispill fir en ausserhalb vun engem Impfzenter ze benotzen. Den Impfstoff vu Moderna hält sech zwielef Stonne bei Raumtemperatur.

An deem Kontext hunn ech folgend parlamentaresch Fro un d'Madamm Gesondheitsminister:

1. Ginn et Mesuren, déi festhalen, wéi déi Leit, déi net selwer kënnen an en Impfzenter goen, well se eng ageschränkte bzw. guer keng Mobilitéit méi hunn, awer kënne geimpft ginn?
2. Weess d'Santé, datt et eng Mass vu bettlägereg Mënschen hei am Land ginn, déi doheem liewen?
3. Wat fir Mesuren envisagéiert d'Santé, fir dës Leit ze hëllefen, an a wat fir engem Zäitraum?
4. Ginn et Direktivë fir d'Hausdokteren, wat d'Covid-Impfung ugeet? Wa jo, wat fir sinn dat? Wann nee, firwat net?

5. Kann d'Madamm Minister bestätegen, datt de Vaccin bannent 30 Minutte muss gesprëtz sinn, onofhängeg vun den zitéierten Etuden, déi kloer zu anere Resultater kommen?
6. Kann d'Madamm Minister bestätegen, datt scho Vaccin huet misse wechgeworf ginn, well den ominéisen Zäitraum vun 30 Minutten net konnt agehale ginn?

Mat déiwem Respekt,



Jeff Engelen